



FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



Rapport Referees' Commission - 09.01.2024

Present : Kröpelin, Geib, Keiffer, Nesser, Simonelli, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Volz, Weber

1) **Adoptioun vum Rapport vum 19.12.2023**

2) **Tester Play-off:**

De Laftest fir de Play-off (AXA Fraen a Männer + Relegatioun Männer) ass den 20. Januar 2024 um 09h00 um **INS**. Et ass **KENG** aner Méiglechkeet virgesinn. Mir fänke pünktlech un, dofir ass de RV um 08h45.

09:00 Test Luc Léger (minimum 7.5 fir Fraen-AXA an 8.1 fir Männer-AXA)

De Reegeltest ass dann um 10h15 zu **Stroossen** an der Maison des Sports. Mir krute leider kee Sall um INS. De Cours fir **ALL** Arbitter ass dann um 11h00 zu **Stroossen**

10:15 Reegeltest (minimum 80%)

11:00 **Versammlung fir ALL Arbitter**

12:15 Schluss

3) **Kandidat Stagiaire C-Arbitter:**

D'RefCom krut eng Ufro vun engem Papp dem säi Jong (14 Joer) Freed huet fir Matcher ze pāifen, a gären den Arbitterschäi maache wëll. D'RefCom ass frou esou Kandidaten ze fërderen. De Patrick Simonelli kuckt mam Papp, wéi mir dat am Beschte realiséiere kënnen.

4) **Responsabele fir d'EHF Offizieller:**

Och am Januar ass RefCom zoustänneg fir d'EHF Offizieller ze begleeden.

Fir de Match géint Lettland betreit de Jean-Marc Facchin d'Arbitter an den Delegué, a fir d'Matcher géint Israel ass et de Francis Keiffer.

5) **DMR/CHRONO:**

D'RefCom huet och d'Sekretären an d'Chronometreuren fir d'Matcher géint Lettland an Israel nominéiert. Et sinn all Kéiers d'Häre Bierchem a Keiffer.

6) **Buvette 18.01:**

Den 18. Januar hëlleft d'Amicale vun den Arbitter an der Buvette vun der Coque. Dëst am Kader vum Finanzement fir de Relancement vun der Amicale.

7) **Weiderbildung um Tournoi Leon Maroldt:**

Während dem Turnéier Leon Maroldt huet de Francis Keiffer d'Méiglechkeet genotzt, an huet do mat eise jonken Arbitter, am ongezwongene Kader, Weiderbildung gemaach.



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000





FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



8) **Austausch ÖHB/WHV:**

D'Koordinatioun mat den d'Éisträicher leeft. Soubal d'RefCom d'Detailer iwwert d'Matcher an Éisträich huet, gëtt gekuckt wéi eng Koppel d'FLH representéiere wäert.

9) **Austausch Saarland:**

Den Austausch mat dem Saarland ass leider zënter dem Covid gestoppt. Wëll och d'Saarland keng Arbitter ze vill huet, ass een Austausch am Moment extrem schwéier ze realiséieren.

10) **Austausch Grand-Est:**

2 Koppelen aus dem Grand-Est waren d'lëscht Joer um Boys' a Girls' Cup zu Dikrech am Asaz. Am Moment waarde mir op eng Aluedung fir déi eng oder aner Koppel op een Turnéier bei si ze schécken. De Patrick Simonelli hält nach eng Kéier Kontakt op.

11) **Frais d'arbitrage (KmGeld):**

D'RefCom wëll nach eng Kéier kloer stellen, dass wann een Arbitter 2 Matcher op enger Plaz huet, nëmme 1x däerf KmGeld ofgerechent ginn. Sollten dëst 2 Coupematcher sinn, da soll d'Hallschent vum Montant pro Match geholl ginn. De Formular deelt dat dann op déi 2, respektiv 4 Ekippen op. Sollt e Veräi sech bei enger Ofrechnung net sécher sinn, kënne si gären d'RefCom kontaktéieren.

12) **3. Uniform fir d'Arbitter:**

Bis elo huet d'RefCom nach keng Noricht krut wéini déi 3. Uniform fir Arbitter ukomme sollt. De Francis Keiffer freet nach eng Kéier no. D'RefCom wënscht sech dann och een 2. Puer Strëmp fir d'Arbitter, well vill Koppelen Samschdes a Sonndes päifen.

13) **Organisatioun vu Frëndschafsmatcher op engem Championnatsweekend :**

D'RefCom wëllt de Veräiner Bescheed soen, dass d'Arbitter prioritär fir Championnatsmatcher gebraucht ginn. Esou kann et sinn, dass Arbitter, obwuel si fir de Frëndschafsmatch zougeseet hunn, dëse net päife kënne, wëll si fir de normale Spillbetrib gebraucht ginn. D'Arbitter däerfen sech och net bei der FLH ofmelle fir, Zeit ze hunn, Frëndschafsmatcher ze päifen

Nächst RefCom: Dënschdes den 13. Februar 2024 um 18h30 zu Stroossen.



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000

